LUXEMBOURG
10 YEARS LET'S MAKE IT HAPPEN

# LuXembourg. 10 Years. 10 Letters.

**L wéi Lëtzebuergesch**
Lëtzebuergesch ass **eis Sprooch** – eppes, wat vill Leit iwwerrascht, wann ee bedenkt, wéi kleng eist Land ass. Ronn **400.000 Mënschen** op der ganzer Welt schwätze **Lëtzebuergesch**.

D'Lëtzebuerger Sprooch huet eng räich mëndlech Traditioun an haut setzt se sech och ëmmer méi am Schrëftlechen duerch, besonnesch an der digitaler Kommunikatioun. Niewent dem Lëtzebuergesche sinn eis **offiziell Sprooche Franséisch** an **Däitsch**: Mir si **méisproocheg** – an dat spigelt sech och an der Literatur erëm.

**U wéi „Unique" (Eenzegaarteg)**
Wousst Dir, datt Lëtzebuerg den **eenzege Grand-Duché op der Welt** ass?
Mir sinn eng **parlamentaresch Demokratie** a Form vun enger **konstitutioneller Monarchie**, vertrueden duerch de Grand-Duc. Eng aner besonnesch Eegenaart ass, datt zënter **1919 d'Walrecht allgemeng** an **obligatoresch** fir **Fraen a Männer** ass, wat e laangjäregen Engagement fir **politesch Gläichberechtegung** reflektéiert.

**X wéi X-tra**
Gratis **ëffentlechen Transport**, gratis **Educatioun**, gratis **Musekscoursen**, **Bestietnes** fir jiddereen …
Lëtzebuerg setzt op de **mënschleche Faktor** a senger Gesellschaftsvisioun.
Wann et ëm **d'Liewensqualitéit** an **-zefriddenheet** geet, steet Lëtzebuerg reegelméisseg un der Spëtzt a bitt **e fruchtbare Buedem** fir **Iddien** an **Idealer**, déi d'Gesellschaft **beräicheren.**

**E wéi Europäesch**
Am **Häerze vun Europa** geleeën, dréit Lëtzebuerg Europa am Häerz. Lëtzebuerg ass **Grënnungsmember vun der Europäescher Unioun** a **Sëtz vu villen europäeschen Institutiounen** an dat Land, wou **d'Leit sech am europäeschste fillen*.**
Hei gouf och de **Schengen-Accord** ënnerschriwwen, deen aus Europa e Raum gemaach huet, an deem d'Bierger sech kënne fräi beweegen.
*nom Eurobarometer-Sondage

**M wéi Multikulturell**
**Diversitéit** ass eise Credo: Knapp d'Hallschent vun eiser **Bevëlkerung** vun nëmme **680.000 Awunner** setzt sech aus **180 Nationalitéiten** zesummen. Méi wéi **230.000 Fachkräften** aus Frankräich, der Belsch an Däitschland kommen **all Dag iwwert eis Grenzen,** verduebelen domat quasi déi aktiv Bevëlkerung a beräicheren zousätzlech eis **kulturell** a **sproochlech Landschaft**.

**B wéi Bildschéin**
Kuerz Distanzen, staark Andréck!
Lëtzebuerg ass d'Heemecht vu **villen UNESCO-Kulturierwen** an **iwwer 70 Schlässer a Buergen,** déi sech op **5 ganz verschidde Regioune** verdeelen, op nëmmen **2.586 km².**

**Gréng Bëscher** bedecken **een Drëttel** vu **sengem Territoire**, seng schéin Natur kann iwwer **onzieleg Wanderweeër, Vëlosweeër** a **Mountainbike-Strecken** entdeckt ginn.

**O wéi Oppen Innovatioun**
Als Facilitateur vun internationalen Echangen ass Lëtzebuerg e **Laboratoire ënner fräiem Himmel**, wou **Studenten, Fuerscher, Entrepreneuren** a **Start-ups** an engem **Ökosystem vu räsonabler Gréisst** interagéieren.
Lëtzebuerg ass net nëmmen e **Pionéier** an de **Beräicher Raumfaartindustrie** an **Telekommunikatioun**, mee och en **industriellen Acteur**, deem seng **Technologien** an **Héichhaiser** an a groussen **Infrastrukture weltwäit** agesat ginn.

**U wéi „Unexpected" (Onerwaart)**
Wousst Dir, datt Lëtzebuerg den **Tour de France** 5 Mol gewonnen huet a gradesou dacks den **Eurovision Song Contest**? Et ass och e Land vu **grousse Wäiner a Cremanten** aus dem **Museldall**, déi reegelméisseg **international** fir hir Finess an hir frësch Notten **ausgezeechent** ginn.
Aner **iwwerraschend Fakten**: Lëtzebuerg ass d'Gebuertsland vum **Hugo Gernsback**, deen als Papp vun der **Science-Fiction** gëllt, vum **Edward Steichen**, deen déi modern **Fotografie** gepräägt huet, souwéi vum **René Arend**, deen d'**Chicken Nuggets** erfonnt huet!

**R wéi Revelatiounen**
**D'Vicky Krieps**, déi als Actrice schonn esou munch Auszeechnung krut, de **Francesco Tristano**, Pianist a Komponist, international unerkannt fir seng innovativ elektro-barock Approche, souwéi de **Laurent Witz**, Gewënner vum Oscar fir den Animatiounsfilm Monsieur Hublot, an d'**Su-Mei Tse**, ausgezeechent mam Léiw vun der Biennale de Venise, sinn all Gesiichter vun der Lëtzebuerger Konschtzeen.
D'Vitalitéit vun dësem **kreativen Ökosystem** gëtt duerch eng **staark Kulturpolitik** gedroen a vun enger **Communautéit** vun **Talenter** ënnerstëtzt, déi **permanent wiisst**.

**G wéi Grouss ginn**
**Gréng** Technologien, **Informatiouns**technologien**, Gesondheetstechnologien** – esou vill **prioritär Secteuren**, déi en **equilibréierte Wuesstum** férderen, **Innovatioun** ënnerstëtzen an d'**Energietransitioun** stäerken, dobäi awer **d'natierlech Ressourcë** vun eisem Land respektéieren. Fir eng **Welt**, déi net nëmmen **innovativ an inklusiv** ass, mee och Stabilitéit bitt fir **zukünfteg Generatiounen**.